Session ordinaire 2018-2019

CL/LW

P.V. J 27
P.V. SID 11

# Commission de la Justice

# Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

## Procès-verbal de la réunion du 03 juillet 2019

Ordre du jour :

1. Approbation du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 26 juin 2019

2. Echange de vues avec des représentants de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires

3. Divers

*

Présents : Mme Diane Adehm, M. Guy Arendt, M. François Benoy, M. Dan Biancalana, M. Alex Bodry, Mme Stéphanie Empain, M. Franz Fayot, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, Mme Carole Hartmann, M. Charles Margue, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, M. Roy Reding, M. Gilles Roth, membres de la Commission de la Justice

Mme Diane Adehm, M. Marc Angel, M. Carlo Back, M. André Bauler, M. Dan Biancalana, Mme Stéphanie Empain, M. Georges Engel, M. Léon Gloden, M. Marc Goergen, M. Gusty Graas, M. Max Hahn, M. Fernand Kartheiser, M. Henri Kox, membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense

M. Eugène Berger

Mme Jana Barthels, Ministère de la Sécurité intérieure
Mme Anouk Kerschen, Ministère de la Sécurité intérieure
Mme Lotty Prussen, Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice
M. Jean-Claude Wiwinius, Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires

M. Christophe Li, de l'Administration parlementaire

Excusés : Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Georges Mischo

M. Marc Baum, observateur délégué

M. François Bausch, Ministre de la Sécurité intérieure
M. Félix Braz, Ministre de la Justice

*

Présidence : M. Charles Margue, Président de la Commission de la Justice

*

## 1. Approbation du projet de procès-verbal de la réunion jointe du 26 juin 2019

Le projet de procès-verbal sous rubrique recueille l’accord unanime des membres de la Commission de la Justice et des membres de la Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense.

## 2. Echange de vues avec des représentants de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires

Les membres des commissions parlementaires concernées jugent opportun à ce qu’un verbatim de la réunion soit dressé. Le lecteur est renvoyé au verbatim ci-joint, qui fait partie intégrante du présent procès-verbal.

## 3. Divers

Aucun point divers n’est soulevé.

Le Secrétaire-administrateur,
Christophe Li

Le Président de la Commission de la Justice,
Charles Margue

La Présidente de la Commission de la Sécurité intérieure
et de la Défense,
Stéphanie Empain

**Verbatim de la réunion jointe du 03 juillet 2019**

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Da wëll ech d'Sitzung elo opmaachen.

Préalablement iwwerhuelen ech dann d'Empfeelunge vun der CNPD, déi se eis d'lescht Woch gemaach hunn - ech proposéieren och, de Verbatim opzehuelen -, dass mer an der Logik vun deene Jointë sinn. An dozou gehéiert, dass ech dat wiertlech soen. An dozou gehéiert dann och, dass Der déi Affichette, déi mer an der Entrée hunn, sollt liesen, fir eis a Kenntnis ze setzen, dass eis Gäscht, d'Madamm Lotty Prussen, déi ech hei begréissen, an den Här Wiwinius, deen ech hei begréissen, wëssen, wat op se duerkënnt, wa mer e Verbatim maachen.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat war eng grouss Plus-value, Här President.

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Hat Dir d'Wuert gefrot, Här Roth?

***(Hilarité)***

Voilà! Merci fir d'Kommen, esou kuerzfristeg. Et ass jo net evident, dass Der Iech an Ärem Agenda konnt arrangéieren.

Ech wëll och direkt soen, dass mer haut wierklech um hallwer 11 ophalen, ech hunn dat virdru scho gesot, well mer eng Hällewull vu Reuniounen hunn, déi weiderginn. An dësem Fall dann an anere Säll.

Dir waart esou frëndlech, de Moie bei eis ze kommen an Ärer Qualitéit vun der Autorité de contrôle judiciaire, déi vum Gesetz vun zejoert August 2018 agesat ginn ass. Den Artikel 40 vum Kapitel 6 beschreift, wat Är Kompositioun ass a beschreift, wat Är Missioune sinn.

Mir sinn elo e Joer ... net grad e Joer dono, dass et Iech gëtt an där Funktioun. Ech géif entweder, wann et direkt Froe gëtt ... Den Här Wivenius géif, voilà, jo.

***(Interruption)***

Voilà! Da géif ech ... Wann Dir eis direkt kéint Är Vue ginn, e wéineg Bericht erstatten, wéi déi Autoritéit funktionéiert. Voilà! Dann huele mer d'Froen duerno. Ech soe Merci an ech ginn Iech direkt d'Wuert.

**M. Jean-Claude Wivenius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Merci, Här President, dass Der mer d'Wuert gitt. Merci och, dass Der eis d'Geleeënheet ginn hutt, fir hei e bësse mat Iech en Échange de vues ze hunn. Dat ass jo den Titel vun der Invitatioun: « Échange de vues ». Ech sollt elo vläicht direkt soen: Do war fälschlecherweis, mengen ech, gesot ginn, mir wieren hei, fir Ried an Äntwert ze stoen. Dat hat ech esou um Fernseh héieren. Bien entendu ass eng Autorité indépendante net do, fir Ried an Äntwert ze stoen. Mir wëlle mat Iech en Échange de vues hei hunn.

Dir hutt och gesot "kuerzfristeg". Da wëll ech awer och soen, firwat mer vläicht net op alles kënnen äntweren: Ech weess zanter manner wéi 24 Stonnen, dass mer haut sollen hei sinn. Et ass iergendee Problem mat der Kommunikatioun gewiescht.

En Donneschdeg den Owend huet jo de President vun der Chamber un de Ministère de la Justice geschriwwen, mir géifen invitéiert ginn. Do stoung awer keen Datum dran. An do hunn ech dem Ministère geäntwert an engem Mail, mir géife bien entendu gäre kommen, mir wiere frou, kënnen hei vläicht e puer Saachen aus dem Wee ze schafen, e puer Malentenduen. Ech hätt awer virum 15. Juli keng Zäit, fir ze kommen, ech perséinlech, well mer elo en fin d'année judiciaire wierklech iwwerlaascht si mat Aarbecht. Dat brauch ech Iech jo net ze erklären. Et si jo e puer Affekoten heibannen, déi sech et gutt kënne virstellen, wéi dat ëmmer zum Schluss vum Joer ass.

Doropshin hunn ech keng Äntwert kritt. E Méindeg de Moien hunn ech awer du mam Ministère korrespondéiert. Dunn hunn ech och iergendwéi ze verstoe kritt, Dir hätt keng Reunioun méi, ausser haut.

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Jo.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Ech weess net, ob dat stëmmt.

Ech hunn dem Ministère dunn nach eng Kéier geschriwwen. Bon, d'accord, da versiche mer eis ze arrangéieren. Ech versichen déi aner Kolleegen vun der Autoritéit opzeriichten Dat war e Méindeg, virgëschter.

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Jo.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Ech versiche mer dann e puer Leit nach opzeriichten, fir matzekommen. Ech perséinlech hunn haut zwee Rendez-vousen: een um hallwer 9, een um 11. Bon, dat ass jo lo kee Problem well um hallwer 11 ass et jo eriwwer.

Dat hunn ech dem Ministère matgedeelt. Déi Informatioun schéngt och net bei Iech weiderkomm ze sinn. Wann ech net gëscht d'Greffier en chef ugestallt hätt unzeruffen, mam Här Li ze telefonéieren ... Do sinn ech du gewuer ginn, Dir hätt en Ordre du jour haut, wou meng Autoritéit dropsteet. Doropshin hunn ech dann du versicht, d'Leit opzeriichten. An ech si frou, dass d'Madamm Prussen, dat ass d'DPO vun der Cour, déi d'Fachwëssen huet an eisem Betrib, Zäit hat matzekommen.

Also, ech wëll just soen: Ech si manner wéi 24 Stonne prett, fir hei ze sinn. Mä aus Respekt virun der Chamber - a wann ech ronderëm den Dësch kucken, ass jo bal d'ganz Chamber hei - hunn ech du gesot: Et ass gutt, mir kommen dann. Op d'mannst mir zwee kommen heihin.

An ech profitéieren dann och, fir ze soen, ech hunn dat, mengen ech, an engem anere Kontext och op dësem Stull eng Kéier gesot: D'Séparation des pouvoirs, dat ass e schéint grousst Wuert. Ech hunn dat a menger Installatiounsried gesot gehat: Séparation des pouvoirs heescht net, dass déi eenzel Pouvoire solle Sträit mateneen hunn, mä do soll och eng Harmonie tëscht deenen eenzelne Pouvoire sinn.

Bis elo hunn ech dat gebraucht am Kader vun eise Relatioune mat dem zweete Pouvoir. Mä bien entendu sollen d'Relatioune mam éischte Pouvoir gradesou harmonesch sinn. Dofir si mer hei.

Dir huelt mer d'Wuert jo net of, da fueren ech weider.

***(Hilarité)***

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Neen, ech huelen Iech d'Wuert net of. Ech soen Iech Merci fir Är Disponibilitéit an ech entschëllege mech fir dee Mëssel, deen do konnt geschitt sinn.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Neen, ech mengen, de Mëssel ass net op der Säit vum éischte Pouvoir. Ech géif souguer bal soen: Wa mer net gëschter mam Här Li korrespondéiert hätten, géif ech elo nach net wëssen, dass ech misst hei sinn.

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Gutt! Voilà!

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Dat wollt ech awer gesot hunn.

**M. Charles Margue,** *Président de la Commission de la Justice.-* Dont acte.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* An da wëll ech awer elo nach eng, zwou aner Virbemierkunge maachen, wann ech schonn d'Wuert net ofgeholl kritt hunn.

Eis Autorité de contrôle besteet jo aus bal lauter Riichter an der Direktesch vun der CNPD. Do hat ech recemment eng Question parlementaire gelies, wou d'Fro opgeworf ginn ass, ob dat gutt ass, dass do lauter Riichter dra sinn. An do ass souguer d'Fro opgeworf ginn: „Wéi ass et mat der Independance?", wou ech natierlech dee Moment gehickt hunn, wa gesot gëtt, engersäits ze vill Riichter, anerersäits keng Independance. Dat ass e bëssen esou widdersprëchlech. Soit!

Firwat ech dat elo hei soen, dat ass: Mir - an ech schwätzen elo nëmme fir mech, ech sinn eleng hei als Member vun där Contrôle - waren ni Demandeur, fir an där Autorité de contrôle grouss Rollen ze spillen. Dir, d'Chamber, hutt dat esou decidéiert.

Ech si virun engem décke Joer och gewuer ginn - et kritt een ëmmer all Dag Iwwerraschungen -, dass ech géif bombardéiert ginn zum President vun enger Autorité de contrôle judiciaire en matière de protection de données. Mir hu wuel vun der Cour en Avis gemaach dozou. Mir hunn eis net opposéiert.

Et ass jo net un eis als héich Riichter, fir sech ze opposéieren, wa mer esou e Rôle kréien, mä mir waren net d'Demandeuren. A wann een eis seet elo: “Dir sidd zu ze vill Riichter do”, et ass Är Decisioun, et ass net eis Decisioun. Mä et ass eng Question parlementaire. Et ass ass net u mir, fir drop ze äntweren. Et ass jo dann um Minister, fir drop ze äntweren.

Gutt! Ech hunn nach zwou aner Virbemierkungen.

Dee ganze Mëssel, deen ugaangen ass, ass jo, wéi dee jonke Mënsch wollt Referendaire bei eis um Geriicht ginn. Ech war do derbäi an deem Interview; nenne mer et „Interview“. Et ass déi éischte Kéier, wou mer Referendairen hunn. Et ass a kengem Gesetz virgesinn, wéi do deen Interview ass. Mir hunn awer gemengt, et wier wichteg, dass mer déi Kandidate géifen héieren.

Mir waren zu - souwäit ech mech erënneren - véier oder fënnef, dovunner dräi Leit aus der Cour. Firwat dräi Leit aus der Cour? Ma well déi Referendairë geduecht sinn, fir eis an der Cour ze hëllefen. Gutt!

Elo seet dee jonke Mënsch do, e wier net geholl gi **wéinst** där Geschicht, mat där e konfrontéiert ginn ass. Dat ass net richteg! Dee jonke Mënsch ass net geholl ginn, well dräi Dammen do waren, déi gutt waren, largement au-dessus du lot. Déi dräi Dammen hu mer geholl.

Ech hu mat de Kolleeginne geschwat, déi derbäi waren aus der Cour. Mir hunn zesumme geschwat: „Kënne mir eis un deen ...“ - ech soen elo ëmmer „dee jonke Mënsch“, ech wëll deen Numm dann net an deem Verbatim stoen hunn - „... kënne mir eis un deen erënneren? - Neen, ech ka mech net un deen erënneren.“

Ech ginn dovunner aus, dass dat stëmmt, wat hie seet, dass hie konfrontéiert ginn ass vum Procureur général adjoint mat enger Fro. Den Här Nies huet et jo selwer gesot, hien hätt dat dunn erausgezunn an de jonke Mënsch domadder konfrontéiert.

Den Här Nies huet do e bësselchen de Fokus gesat op d’Moralitéit. Dat ass wuel richteg, mä en fait - an dat musst Der mer gleewen, bon, Dir maacht, wat Der wëllt; ech wier frou, wann Der mer dat géift gleewen -, mir hunn dräi Damme geholl. Ech widderhuelen: Déi ware largement au-dessus du lot. A mir hunn eis keng Froe gestallt iwwert déi aner.

Mir hunn eis guer net, mir, d‘Leit vun der Cour, guer net d‘Fro gestallt: Ass dat do e Ligener? Ech mengen, deen Terme ass gebraucht ginn. Mir hu guer net doriwwer geschwat.

Wéi ech déi éischt Diskussioun elo am Juni héieren hunn, dunn huet et bestëmmt zwou Woche gedauert, bis ech mer Rechenschaft ofgeluecht hunn, dass dat bei eis an deem Interview war, wou dat soll geschitt sinn. Bon, iergendeng Kéier gëtt een et jo dann awer gewuer. Gutt!

Dann nach eng aner Virbemierkung. Mir haten d‘Gefill um Geriicht, et géif elo och behaapt ginn, et géif gemengt ginn esou, loosse mer et Fichieren nennen, et ass de Casier, Casier bis genannt ginn, an dat schéngt mer ganz wichteg ze sinn, et géif an den Dossiere vum Geriicht leien. Dat ass gesot ginn, dat ass haaptsächlech an der Press gesot ginn. Dat ass net wouer!

Ech hunn, an do erlaben ech mer ze zitéieren, en Échange de correspondance mam Maître Vogel gehat. De Maître Vogel ass jo, ech mengen, et kann een deen Numm soen, hien ass jo an där ganzer Geschicht e bëssen - wéi soll ech soen? - deen, deen d‘Saach lancéiert huet. De Maître Vogel huet mech dorops ugeschriwwen. En huet

mech a menger Qualitéit als President vun der Cour ugeschriwwen. An ech liesen elo déi puer Zeilen, e schreift jo ni vill, dat ass séier gelies. Meng Äntwert ass gradesou kuerz.

***(Interruptions)***

E schreift hei: « Introduction : Fichier central de la police. Il existe incontestablement un casier secret. J'ai appris et j'ose espérer que c'est complètement idiot », schreift de Maître Vogel, « qu'il arriverait souvent que des tribunaux répressifs, appelés à juger un quidam, seraient en possession d'une copie de ce fichier sans qu'il soit donné la possibilité à la défense d'en prendre inspection. » Dat wier jo effektiv ganz schlëmm. « Auriez-vous l'amabilité », schreift e mir, « de me renseigner à ce sujet? Car si ces informations avaient été exactes, nous serions en présence d'un scandale épouvantable. » Do kann ech mat em d'accord sinn.

Ech äntwerten em, ech ginn em Receptioun an ech mengen, mat där Äntwert soen ech Iech, wat bei eis ass. An ech mengen, d'Madamm Solovieff huet et och hei schonn ugedeit oder gesot. Mä bon, si ass net an enger Juridictioun.

« J'ai été membre », schreiwen ech, « j'ai été membre de la Chambre criminelle et correctionnelle de la Cour d'appel pendant sept (siwen) années, dont quatre comme président. Je n'ai jamais trouvé dans aucun dossier une copie d'un quelconque casier ou fichier - entre guillemets - "secret". Chaque dossier est toujours intégralement soumis à la disposition de la défense. Cela vaut évidemment aussi pour la Cour de cassation. » An da soen ech em nach hannendrop. « Je vous rejoins donc quand vous dites affirmer le contraire serait complètement idiot. »

Also ech preziséieren dat hei: Mir hunn esou Saachen net an eisen Dossieren, an ech hunn et och mat Kolleegen beschwaat. Ech mengen, dat schéngt mer wichteg ze sinn. Dat ass jo, dat wier a mengen Aen dat Schlëmmst, wat bei där ganzer Geschicht hei kéint passéieren, well dat ass jo och an hire Reuniounen hei gewiescht, wa mir, fir Decisiounen ze huelen iwwert de Quidam, wéi de Maître Vogel dat schreift, wa mir géifen Decisiounen huelen a mir hätte Saachen do, déi d'Defense net géif kennen. Dat stëmmt net!

An dann dierf ech nach eng Virbemierkung maachen. Ech wëll net ze vill d'Wuert monopoliséieren, mä ech sinn invitéiert hei, dann … Ech hu mech och virbereet gëscht an deene 24 Stonnen, déi ech hat. Elo, „Kollateralschued", hunn ech mer hei opgeschriwwen.

Ech sinn déi lescht 14 Deeg e puermol vu Leit drop opmierksam, enfin ugesprach ginn: „Wat leeft bei Iech eppes an der Justiz! Wat hutt Dir erëm do eppes an der Justiz?" Den Term „Dysfonctionnement" ass gefall. Doriwwer sinn ech ganz traureg. Ech zirkuléiere vill am Ausland. Dir wësst wahrscheinlech, ech si President vum Reseau vun de Présidents des Cours suprêmes. Wéi gesot, ech si vill do um Tour. Eis Lëtzebuerger Justiz gëtt dorëmmer bewonnert. Eis Lëtzebuerger Justiz gëtt duergestallt, enfin, ech soen dat an ech ginn doranner confirméiert, mir hunn eng gutt Justiz zu Lëtzebuerg. Mir hunn eng Justice indépendante zu Lëtzebuerg, eng impartiell Justiz. Mir hunn eng effikass Justiz a mir hunn eng oppe Justiz.

An ech géif mengen, enfin, op jidde Fall am internationale Vergläich wier dat schonn net schlecht. Par les temps qui courent, et geet jo vill vun anere Geriichter rieds. An, bon, dann hoffen ech, dofir soen ech et och elo nach hei, ech hoffen, dass elo duerch dat heite Geschir net de Contraire op eemol an der ëffentlecher Meenung ass.

An am Kader vun där Harmonie, wou ech sot, et steet eis vläicht, der Justiz, méi schlecht un, an d'Ëffentlechkeet ze goen, eis op d'Schëller ze klappen an ze soen: „Mir sinn där Gudder alleguerten." Ech hoffen, dass dann den éischte Pouvoir awer elo eis eventuell an deem Sënn ënnerstëtzt an eventuell och alles, wat Der kënnt soen elo mat där Geschicht hei, ech weess net, wie wat dozou wëllt soen, mä dass net d'Justiz herno duergestallt gëtt als schlecht; loosse mer emol ganz einfach Terme gebrauchen. An ech wier do frou iwwert d'Ënnerstëtzung vum éischte Pouvoir, fir dat an der Ëffentlechkeet duerzestellen.

Mir si schliisslech net déi, also d'Justiz, ech sot elo grad, déi sech op d'Schëller klappen a soen: „Wat si mir Gudder!" Mä mir sinn och net déi, déi virun d'Mikroe geruff ginn, loosse mer et emol esou soen, déi virun d'Mikroe geruff ginn an eis duerstellen. Gutt.

Ech hätt nach e puer aner Saachen ze soen, mä, Här President, Madamm Presidentin, um hallwer eelef wëllt Der ophalen. Also, et ass en Échange de vues hei.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Jo, jo, jo!

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Also ech sot, ech ging keng Ried an Äntwert stoen, dat schéngt mer jo kloer ze sinn. Mä mir hunn och en Artikel 42 am Gesetz, wou drasteet, mir als Autorité de contrôle géifen d'Chamber conseilléieren. Ech gesinn e bësselchen déi Reunioun hei an deem Sënn. Ech hat och viru Kuerzem, et lauschtert ee jo Radio och, an ëmmer, wann eppes heivunner rieds geet, lauschtert een e bësse méi intensiv. Ech hat den Här Bodry op „100,7" deslescht héieren, wou e gesot huet, et misst wahrscheinlech lénks a riets e bësselchen nogebessert ginn.

Bon, ech widderhuele wuel nach eng Kéier: Dir hutt d'Gesetz gemaach, Dir kennt d'Gesetz am beschten. Ech moosse mer net un, fir Iech d'Gesetz ze erklären. Et ass net un eis, fir Iech d'Gesetz ze erklären. Mä mir si bien entendu bereet, do Sukkurs ze ginn, wann Dir, d'Chamber mengt, et misste Saache verbessert ginn, amelioréiert ginn, fir do eng Hand mat unzepaken. Et ass esou, wéi ech et gesinn.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci, Här Wiwinius, fir déi Informatioun an och fir déi Propositioun, fir eis do ze ënnerstëtzen. Ech hu mer deen Text effektiv och déi lescht Deeg ugelies gehat an hunn och doranner entdeckt, dass mer jo da kéinten zesummeschaffen. An ech verstinn déi Sitzung vun de Moien dann och an deem Austausch, well jo virgesinn ass laut dem Gesetz, dass do matenee geschwat gëtt, ob een dat beroden nennt oder wéi och ëmmer, mä dass de Kontakt jiddefalls soll do sinn tëscht dem éischten an dem drëtte Pouvoir.

Den Här Berger hat d'Wuert gefrot an den Här Bodry an den Här Mosar och nach.

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Merci, Här President. Och Merci fir déi ganz ausféierlech Explikatioune schonn direkt dès le départ. Ech mengen, effektiv gesinn ech oder gesi

mir et als Échange de vues. Jo, mir hunn dat Gesetz respektiv och d'Autorité de contrôle judiciaire an d'Gesetz geschriwwen. Ech war deemools Rapporteur vun deenen zwee Gesetzer, et gi jo zwee Gesetzer, wat den Dateschutz ubelaangt. A mir haten och eng Diskussioun.

Ënner anerem war deemools d'Fro opkomm: Ass et sënnvoll oder richteg, datt een zum Beispill da bei der Autorité de contrôle judiciaire Leit huet, ech soen elo einfach Leit, déi vläicht op där enger Säit mat engem Fichier eppes gemaach hunn, an dann herno, wann eng Reklamatioun wier, op där anerer Säit sëtzen an da jugéieren oder da mussen en Avis ofginn oder soen: Jo, mir hunn dat richteg konform zu der Dateschutzdirektiv benotzt oder net.

Also, mir waren eis däers scho bewosst. Bon, dat ass e Choix, deen awer du geholl ginn ass, sief datt jo och ee Member vun der CNPD an där Autorité de contrôle judiciaire sëtzt.

Einfach d'Fro awer, dat heescht, hätt Dir Iech och, oder kéint Dir Iech och virstellen ... Et ass jo och en plus zousätzlech Aarbecht, déi een huet. Wann da Reklamatioune sinn, muss déi Autoritéit zesummekommen an esou weider. Ech weess net, ob schonn an enger Question parlementaire gefrot ginn ass, ob Der scho vill Fäll hat vu Reklamatiounen oder hutt missen traitéieren. Mä bon, voilà. Kéint Dir Iech eventuell virstellen, datt och, ech soen elo einfach, eng CNPD awer am Endeffekt och kéint esou eng - wéi soll ech soen? - oder iergenden anert Gremium oder eng aner Kompositioun kéint déi Contrôle do vum Respekt vum Dateschutz ausféieren?

Eng zweet Fro ass déi: Hei hu mer jo dann e Fall, sief dat do, ech weess net, ob deen Här elo sech och un d'Autorité de contrôle judiciaire gewannt huet. Wann net, mä bon. Mir hunn iwwert ...

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.*- Nee. Fir den Verbatim: **nee**.

**M. Eugène Berger** *(DP).* Mir wëssen, datt do awer dee Fall ass. Wann Der elo hei deen do Fall géift kréien oder kritt hätt, wéi géift Dir elo als Autorité de contrôle deen

dote Fall jugéieren? Sinn do déi Donnéeën awer an Ären Ae konform zum Dateschutzgesetz utiliséiert ginn oder net?

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Soll ech direkt ...

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Jo, am beschten.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* … drop äntweren, op déi zweet Fro, well ech déi elo besser am Kapp hunn? Neen, dee jonke Mënsch huet sech nach net un eis gewannt. Den Här huet elo zanter leschte Freideg en Affekot, deen un de Procureur général geschriwwen huet, fir gewuer ze ginn, wéi d'Kompositioun vun deem Jury war, wat en du bien-entendu direkt kritt huet.

Also ech weess, en huet sech nach net un d'Autorité de contrôle judiciaire ... Ech huelen un, déi wäerten dat jo elo emol examinéieren, wat fir eng Autoritéit dann elo kompetent ass. Well Dir hutt jo am Gesetz gesinn, Artikelen 39, 40, 41, et ass net esou evident. Mir hunn déi limitéiert Kompetenz fir d'Juridictiounen « dans l'exercice de leur fonction juridictionnelle ». Am Exposé des motifs steet ausdrécklech, alles wat mat Rekrutement ze dinn huet, d'Gestioun, d'Gestioun vun engem Rekrutement fält net an eis Kompetenz. Bon, do kann een driwwer diskutéieren. D'Haaptdiskussioun, déi mir iwwerhaapt bis elo hunn am Kader vun deenen zwou Autoritéiten, vun un dass mir bestinn, dat ass: Wat ass deem enge seng Kompetenz? Wat ass deem anere seng Kompetenz? Bon, mä alles, wat juridictionnell ass, dat fannen ech schonn eng gutt Saach, wat juridictionnell ass, dass dat bei den Autorité-judiciairë läit.

Wat elo konkret deen dote Fall ubelaangt, ech si just ee vu siwe Membere vun der Autorité de contrôle. Ech soen Iech hei bestëmmt net, wat d'Autoritéit géif decidéiere fir de Fall, wou se géif befaasst ginn.

Wa vläicht iergendwéi nach eppes Technesches bäizefügen awer ass, ech weess net, ob ech d'Madamm ... De President hat d'Madamm Prussen virgestallt. Si ass eisen

DPO vun der Cour supérieure de justice. Si ass awer net nëmmen eisen DPO, si ass och déi Persoun, dee Riichter bei eis am Haus, deen d'Fachwëssen huet. D'Madamm Prussen geet schonn zanter Jore bei Eurojust. D'Madamm Prussen huet och um ..., si war an ...

***(Interruption)***

Maja, si kann dat och selwer soen, fir de Fall, wou et also och nach eng … Dofir sinn ech och frou, dass ech net eleng hei sinn, fir de Fall, wou eng technesch - enfin technesch Froen sin. Jo, wou eppes iwwert dat Generellt erausgeet, wier ech frou, wann Der d'Fro géift un d'Madamm Prussen stellen.

Mä, Här Berger, Är Fro: „Wat géif d'Autorité de contrôle mat dem Här do maachen?", pardon, do kann ech Iech net drop äntweren.

D'Madamm Prussen wëllt eppes bäifügen.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Madamm Prussen, voilà.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Merci.

Ech wollt am Fong just zwou Saache bäifügen iwwert d'Autorité de contrôle judiciaire an hir Kompositioun. Et ass vläicht ze soen, dass et awer wichteg ass, an dat kënnt aus den Exposés des motifs vun der Gesetzer eraus, a vun der Direktiv dass eben déi Independance garantéiert ass an dass et ëmmer e bëssen heikel ass, dass, wann eng aner Persoun a virun allem och en anere Pouvoir, zum Beispill dass Leit aus dem Parlament oder dem Gouvernement do an enger Autorité de contrôle judiciaire sëtzen, dee Contrôle géife maachen.

Esou wéi d'Autorité de contrôle elo fonctionnéiert, muss een awer eppes soen: D'Gesetz gesäit jo vir, dass de President an all Member kënnen aner Leit delegéiren. Also de Fall gesat, wou ee selwer concernéiert ass vun engem Traitement oder engem

Fichier, deen dann en cause wär am Kader vun enger Reklamatioun, do ass natierlech kloer, dass déi Persoun dann ersat gëtt. Dat emol fir elo de Fonctionnement. A wéi gesot, ech mengen, et ass ëmmer e bëssen en heikele Problem d'Justice ze kontrolléieren. An ech mengen, dat ass déi Idée fondamentale derhannert, dass dann elo awer haaptsächlech Magistraten an där Kommissioun sinn.

Wat nach ze soen ass vun der Commission nationale pour la protection des données: Si huet laut dem Gesetz en "overall control", dat heescht, mir kënne scho vun hir gesot kréien: „Hei, passt op, dat sinn Dateschutzelementer!", an „Do musst Der awer oppassen an déi musst Der respektéieren!"

An da wëll ech vläicht nach eng Präzisioun ginn. Et ass esou, dass effektiv d'Autorité de contrôle judiciaire, wéi den Här Wivinius gesot huet, nach net saiséiert ginn ass. Si huet och e Rôle, fir e Contrôle ze maachen. Datenschutzbeauftragten sin och do fir Contrôle ze machen, all Juridictioun an all Parquet huet en Datenschutzbeauftragten, mä mir hunn och e Collège vun deenen a mir hu Reuniounen do. An do hu mer eng ganz Rei Aarbechten elo festgesat, notamment dee Registre ze maachen iwwer all Traitementer. Dat sinn der vill an dat ass natierlech eng grouss Aarbecht. Am Kader vun där Aarbecht awer gëtt natierlech elo nach eng Kéier d'Finalitéit vun all Traitement kontrolléiert an, ob mer do net mussen - an dat ass am Fong de Kader vum Gesetz, deen ons déi Méiglechkeet awer scho gëtt -, um Niveau Conservatioun, Effacement, um Niveau vum Traitement selwer a vum Accès nach Saachen änneren.

Da wëll ech och nach soen, dass mer effektiv virgesinn hunn, dat dann ab September, Formatioune ze maache fir d'ganz Juridictiounen, Magistrate plus Greffier, fir nach eng Kéier eng Sensibilisatioun ze maachen op all Datenschutzbegebenheeten. Do wollte mer ons notamment awer och nach un den Datenschutzbeauftragte vum Stat wenden, deen huet scho Coursë gemaach, plus och nach d'Commission nationale a mir selwer, fir Réunions de formation an Information ze maachen.

Et ass awer schonn e bësse geschitt. Et war eng Nott, zimlech direkt no der Mise en vigueur vun der Reglementatioun komm, déi schonn un d'Greffieren an un d'Magistrate gaangen ass, fir eng global Information ze ginn, wat iwwerhaapt elo nei ass, mat

Recommandatiounen och iwwert de Maniement vun notamment allen informateschen Outilen, déi mer hunn.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.*- Madamm Prussen, den Här Berger hat ugedeit ... Hutt Dir vill Aktivitéiten, vill Demanden am Kader vun deem Joer kritt vu Particulieren?

**M. Eugène Berger** *(DP).*- Neen, ech hat verstanen, keng Demande.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.*- Eng?

**M. Eugène Berger** *(DP).*- Keng.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.*- D'Autorité de contrôle ass nach mat kenger Demande befaasst ginn.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.*- Mat guer kenger?

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.*- Mat guer kenger Demande. Mir hate bis elo dräi Reuniounen. Mir schaffen um Règlement interne. Bon, do ass net vill, mengen ech, ze maachen, well Dir hutt eis e Gesetz gemaach, dat ganz präzis am Fong geholl de Fonctionnement vun där Autoritéit viséiert, soudass mer do eigentlech net vill brauchen ze maachen.

Mir hunn ... Dat Allerwichtegst, wéi d'Madamm Prussen seet, dat ass emol eng Oplëschtung vun all den Traitementer. Mir si jo de Contrôleur vun den Traitementer, wat alles a Fro kënnt. An do ware mer deslescht bei 50, 60 verschiddene Saachen, déi a Fro kommen. Mir hu jo och d'Chance, kann ech roueg soen, dass d'Madamm Larsen an eiser Autorité derbäi ass. Déi gëtt eis awer eng Rei Informatiounen, déi mer net eventuell ..., oder supplementar vläicht eventuell zu deem, wat den DPO eis seet.

Klammer op: An d'Gesetz gesäit vir, dass eis Autoritéit sech ka mat Experten ëmginn. Dat versti mir esou: Déi Experten, dat sinn den DPO engersäits vun der Cour, d'Madamm Prussen, an anerersäits den DPO vum Parquet général. Déi si bei eise Reuniounen derbäi. An ech widderhuelen dat, wat ech eingangs gesot hunn, dat sinn déi, déi d'Fachwësse bei där ganzer Saach hunn.

Récemment hu mer en Avis gefrot kritt iwwert déi Plateforme sécurisée, d'Gesetz, wat ënnerwee ass. Do hu mer eis getraff, fir doriwwer ze schwätzen. Mir sinn amgaang, e Formulaire de réclamation auszeschaffen. Bon, et ass nach keng Reklamatioun do, da géife mer eis wahrscheinlech inspiréiere bei deem Formulaire, deen d'CNPD huet. Gutt!

Ech wollt Iech vläicht e Beispill ginn. D'Madamm Prussen huet elo grad gesot - an ech schwätzen elo als Juridictioun och -, si sot: „Mir sinn amgaang ze kucken, eng Oplëschtung ze maache vun allem, wat et gëtt. A mir hunn och scho Recommandatiounen erausginn." E klengt topegt Beispill: Eng Rei Leit, déi wëssen, datt ech scho ganz laang an der Magistratur sinn, dëst Joer 40 Joer, an zimlech vun Ufank un, dass ech an deem Betrib schaffen, hunn ech Jurisprudenz gesammelt. Ech hu meng eegen Uerteeler an awer och alles, wat ronderëm vun Interessi ka sinn. Do sinn der nach derbäi, déi op Papier pelure geschriwwe sinn; och wa vläicht eng Rei Leit heibannen emol net méi wëssen wat Papier pelure ass. Gutt!

Déi Decisiounen hunn ech elo iwwer 40 Joer gesammelt, déi si bien entendu net anonymiséiert, well virun zéng Joer huet kee Mënsch un d'Anonymisatioun oder Pseudonymisatioun geduecht. Déi Classeuren, déi stinn elo bei mir am Büro. Do seet eisen DPO eis: „Dat do geet am Fong geholl net." Schlëmmer, wat ech nach Schlëmmeres gemaach hunn, ech hu mer vun un, dass ech an der Cour sinn, wou mer dann och um Computer schaffen, och meng Uerteeler op de Computer gelueden, fir kënnen ze schaffen domat. Wat da ganz schlëmm ass, ech hunn dann och ... Viru Joren hunn ech mer dann och, wann ech doheem ... - Dir wësst, dass Riichteren och emol doheem un hiren Uerteeler schaffen - do hunn ech mer och dat op e Stick gelueden a mat heem geholl, fir mech do ze inspiréieren.

Elo weess ech entre-temps - et ass gutt, Dir maacht mer de Fanger, Här President -, ech weess dat elo entre-temps: Dat geet net! Elo läschen ech dat. Elo hunn ech dat alles geläscht! Well elo ... Ech muss oppassen, wat an de Verbatim kënnt. Elo hunn ech dat alles geläscht. Ob dat elo gutt ass - dat ass eng Klammer -, ob dat elo gutt ass, dass ech elo keen Outil de travail méi doheem hunn, dat ass eng aner Fro! Gutt!

Mä ech mengen, do musse mer eis elo ebe mat der Anonymisatioun beschäftegen. Dat ass och e ganz grousse Chantier, dee mer an der Justiz hunn am Kader vun der Protection des données, d'Anonymisatioun vun der Jurisprudenz. Et ass jo iwwregens elo am Moment e grousse Problem international. Ech war elo nach am Libanon op enger Konferenz « Diffusion de la jurisprudence à l'aire de la protection des données ». Bon, do gëtt an alle Länner ganz vill dorunner geschafft. Ech wëll just domadder soen, d'Protection des données ass bei eis ganz wichteg, e wichtege Sujet, wou mer vill dru schaffen, mä wou mer awer net vun haut op muer elo d'Solutiounen alleguerte fonnt hunn.

Bon, wann Dir mengt, dat Gesetz, wat Der d'lescht Joer gestëmmt hutt, wier och net perfekt, dat ass jo en Zeechen, dass Dir och d'Perfektioun dee Moment net fonnt hutt. Blague à part.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Den Här Bodry huet d'Wuert gefrot gehat.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Also, ech hu mech manner elo beschäftegt mat deem Fall, deen dat Ganzt ausgeléist huet, wéi effektiv eisem Gesetz, wat mer gestëmmt hunn 2018 an der Applikatioun vun deem Gesetz. Ech mengen, dat ass jo eng Suerg, déi mer hunn.

An awer och eng vun deene ville Missiounen, déi déi Kommissioun do vum Legislateur operluecht kritt huet, wor och do fir eis ze veilléieren, dass d'Gesetz vun 2018 respektéiert gëtt. An do ass et jo och, wou mer eis Reflexiounen eigentlech ugesat hunn, oder wat och zu mengen Ausféierunge gefouert huet, dass ech der Meenung

wär, a priori opgrond vun deenen Donnéeën, déi een elo huet, dass ee misst vläicht op eenzelne Punkten am Gesetz nobesseren, notamment fir Saachen ze präziséieren.

D'Fro, déi sech jo stellt, an dat ass, mengen ech, déi Schwieregkeet, déi mer hunn, éischtens, ass menger Usiicht no, dass all eis Dateschutzgesetzer vu virdrun ni richteg gegraff hunn, dat heescht, dass déi zu engem gudden Deel Lettre morte bliwwe sinn. Dat geet beim éischten un aus de 70er Joren. Dat ass net besser gaange mat deem, wat Ufank 2000er Jore komm ass, an dat schreift sech e bësse weider. Dat erklärt jo och wahrscheinlech, dass op eemol gesot ginn ass: Kommt, mir komme vun deem System vun der Notifikatioun an Autorisatioun eraus a mer kommen op en anere System eran, wou allgemeng Regele festgeluecht ginn a wou herno dann e Contrôle stattfënnt!

Et ass menger Usiicht no och e bëssen en Aveu gewiescht, dass deen ale System net gegraff huet. Ech weess net, wivill ëffentlech Datebanken, vu privaten net ze schwätzen, et gi sinn, déi ni notifizéiert gi sinn, déi ni gemellt gi si geschweige dann iwwerhaapt autoriséiert gi sinn! An der Majoritéit vun de Fäll ass dat esou gewiescht. An duerfir mengen ech, dass deen heite System kann eppes bréngen, deen neie System, wann en natierlech awer mat enger méi staarker Prise de conscience verbonnen ass a mam reelle Wëllen, sech dann an engem relativ kuerzen Zäitpunkt awer deenen neie Gegebenheeten unzepassen.

Dat gëllt sécherlech fir d'Justiz, dat gëllt fir d'Police, et gëllt awer och fir ganz vill aner Verwaltungen, déi et gëtt.

An op déi éischt Fro hutt Der eigentlech scho geäntwert, déi ech wollt stellen. Meng Fro war, wivill där Datebanken et nach gëtt, nach gëtt niewent där, iwwert déi diskutéiert gëtt elo am Justizberäich, déi berüümt iwwert d'Chaîne judiciaire. Dir hutt jo praktesch drop geäntwert. D'Zuel 60 ass gefall. Dat heescht, do gëtt et also nach ganz vill aner Datebanken op deenen eenzelne Geriichtsbarkeeten, wou also och da klassifizéiert Donnéeë gesammelt ginn a wou och dann déi allgemeng Regele vum Traitement musse respektéiert ginn. Et ass also do, wou ee misst usetzen. Dat hei ass nëmmen ee Beispill vu villen.

Déi Fro, déi ech Iech wollt stellen, dat ass: Hutt Dir den Androck, dass déi Regelen, déi elo gëllen - Dir appliztéiert jo gewësse Regele schonn elo, wat d'Datebanken ugeet, quitte dass dat vläicht net alles formaliséiert ass bis op de leschte Punkt -, dass déi dem Geescht an dem Text vum Gesetz entspriechen? Ech mengen, dat ass fir eis wichteg och ze wëssen, well do war, hänkt méi wéi wahrscheinlech d'Konklusioun of, dass mer vläicht am Gesetz mussen eppes nach noreechen, well awer déi Bestëmmungen, déi elo dra sinn, relativ vag sinn, vu Fall zu Fall mussen interpretéiert ginn.

An d'Fro, déi mir eis gestallt hunn, ass, ob notamment déi Bestëmmungen, déi dra sinn, déi den Accès regelen zu deenen Donnéeën, déi de Contenu regelen zu deenen Donnéeën, déi d'Durée de conservation regele vun deenen Donnéeën, ob déi duerginn. An ob, wéi gesot, déi Instanzen, déi elo chargéiert sinn, dat ëmzesetzen, sech och do déi richteg Regele ginn hunn. Dat ass jo déi Suerg, déi mir e bëssen hunn. Well soss bréngt dat Gesetz net vill, wann eigentlech déi al Modus Vivendi weiderlafen a keen eigentlech a Fro stellt: Ass dat wierklech néideg?

Also dat ass, do wier et fir eis wichteg. Dir sollt eis jo och beroden, wéi Dir déi Situatioun do aschätzt opgrond vun deenen Aarbechten, déi Dir bis elo hat, ob déi Regelen, déi sech do intern gi sinn, ob déi wierklech duerginn an ob et vläicht nëtzlech kéint sinn, wann ënner anerem vum Legislateur vläicht géifen do e bësse méi Präzisioune kommen op eenzelne Punkten, ob dat géif d'Saach vereinfachen oder ob Dir mengt, dass den aktuelle System ka fonctionnéieren.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Ech mengen, d'Madamm Prussen weess Iech am beschten dorop ze äntwerten. Ech géif vläicht eng generell Äntwert ginn: Forcement geet et net duer, soss wiere mer net hei.

Madamm Prussen!

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Merci. Vläicht emol, fir als Éischt eng Präzisioun ze maachen. Ech mengen, et gëtt

ëmmer e bëssen eng Verwiesselung gemaach tëschent Datebank a Kategorie vun Traitement vun Daten oder dem Traitement vun Daten.

Wat ech gesot hunn, wéi ech virdru vu Registere geschwat hunn, dat ass e Registre vun de Kategorië vun den Traitementer, déi mer maachen. An déi ginn opgezielt. Datebanken en tant que tel huet d'Justice eng penal Datebank, eng zivill Datebank, eng vun der Justice de paix, eng Datebank iwwer all d'Decisiounen, an nach eng Datebank iwwert d'Saisien op der Justice de paix an d'Ordonnances de paiement. Dat ass esou zimlech alles, wat d'Datebank ubelaangt.

Hei hunn ech och esou verstanen, wann Der den Artikel 3 vum Gesetz huelt, do gëtt da gesot, all Datebanke missten eng Base légale hunn. Ech sinn net sécher, mä dat ass vläicht e Probleem vu Comprehensioun, déi ee kann dovun hunn.

Fir mech ass et awer am Fong esou: Wat muss eng Base légale hunn, dat ass den Traitement selwer vun den Données personnelles. Dat heescht, entweder duerch eng Dispositioun vum Code pénal, Code de procédure pénale, Code de procédure civile, Code Civil oder d'Gesetz iwert d'Organisation judiciaire. Dat sinn d'Base-légallen, déi d'Finalitéit och vun deem Traitement vun deenen Données personnelles definéieren. An do musse mer kucken, ob dat stëmmt.

Ech mengen awer mir brauchen nach e bëssen Zäit, fir eng Analys ze maachen, ob dat Gesetz elo duergeet oder net. Well op där anerer Säit sinn d'Rechter vun de Leit awer ganz staark hei schonn virgesin.

Ech wëll och nach präziséieren, - dat war nach eng Fro -, wivill Reklamatioune mer kritt hunn. Op der Cour, en tant que DPO vun der Cour supérieure de Justice hunn ech nach näischt kritt. Par contre weess ech awer duerch de Collège des DPO, dass de Parquet der relativ vill kritt huet. Do gëtt natierlech ëmmer an enger éischter Phas iwwert den DPO gekuckt en Arrangement ze fannen an déi Persoun, déi d'Reklamatioun mécht, ze satisfaiséieren. Mä do sinn awer schonn eng Rei Demandë gewiescht, déi dann awer och beäntwert si ginn. Awer bis elo ass keng Reklamatioun un d'Autorité de contrôle judiciaire weidergang.

Wat elo d‘Gesetz ubelaangt, kann ech Iech elo net direkt soen: Hei, do feelt elo eppes, do musst Der elo absolutt eppes änneren, well ech wëll awer wierklech och kloer soen, dat Gesetz ass d‘Transpositioun vun der Directive européenne. An do ass den Accès festgeluecht, do sinn d‘Rechter vun de Leit festgeluecht, d‘Obligatiounen och, wéi zum Beispill: Wat muss ee maachen, wann en Incident geschitt? D'Äntwert ass: ech muss eng Notifikatioun vun enger Violatioun vum Dateschutz bannent deenen naechsten 72 Stonnen machen. Do hu mir eng Prozedur opgesat, déi kritt elo jiddwereen, dass dat och muss klappen. Wann dir, zum Beispill, Äre Stick verléiert oder Dir verléiert Är Dossiere mat esou vill Daten dran, Der hutt engem Falsche perséinlech Date vun engem anere ginn, da musst Der deen, dee concernéiert ass, informéieren. Déi Obligatiounen, déi stinn hei am Gesetz!

Also, ech kann och elo net direkt soen, dass do terribel muss nogebessert ginn. Ech sinn awer sécher, dass, wa mer emol Reklamatiounen hunn, wa mer onse Register fäerdeg gemaach hunn, dass mer do eventuell dann nach à charge kommen.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci.

Den Här Mosar hat d‘Wuert gefrot, an duerno den Här Roth an den Här Reding.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo, Merci, Här President. Merci och dem Här Wiwinius an der Madamm Prussen fir déi ganz oppen Aart a Weis, wéi se déi Diskussiounen hei uginn, och fir déi Disponibilitéit, fir trotz engem ganz iwwerfëllten Agenda haut de Moien eis Ried an Äntwert ze stoen. A mir gesinn dat iwwregens genau d‘selwecht. Mir sinn hei am Kader vum Artikel 43. An ech fannen, et ass en Exercice, deen een iwwregens vläicht sollt méi oft maachen.

***(Interruption)***

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Ech hätt eng kleng Bemierkung an dann hätt ech véier méi präzis Froen. An den Här Roth huet der dann nach eng Rei, déi en hannendru stellt. Eng Bemierkung, erlaabt eis déi awer och vläicht ze maachen. Mir hunn esou e

bësselchen d‘Gefill gehat, wéi Der hei reagéiert hutt, notamment gesot hutt, do wäre viru Mikroe vun Deputéierten hei Saache gesot ginn. Ech mengen, Dir hutt zu Recht op d‘Séparation des pouvoirs hei higewisen. Dir hutt Är Roll, mir hunn och eis Roll. An ech mengen, mir sinn hei an eiser Roll als Deputéierten, fir de Contrôle vun den Institutiounen, vun der Regierung ze maachen an wann mir dobaussen opmierksam gemaach ginn duerch Affären, déi an de Medien ebe sinn, ass et eis verdammte Flicht, fir dat och ze hannerfroen. An, ech mengen, et ass och ganz normal, datt d’Chamber an d’Deputéierten och versichen, eng méiglechst grouss Transparenz an déi ganz Thematik do ze kréien.

Sou, elo zu menge Froen. Eng éischt Fro, déi mer nach net behandelt hunn, déi eis och schonn e bësselche méi laang tracasséiert - mir hunn elo geschwat vum Gesetz vun 2018. Mech géif et och emol interesséieren: Wat war eigentlech d‘Situatioun virun 2018?

Mir wësse beim Polizeiregëster, do ass et e kloert Reglement ginn, wat à des multiples reprises verlängert ginn ass a wat dann elo duerch d‘Gesetz vun 2018 iwwerholl ginn ass. Déi Situatioun hu mer hei net. An duerfir meng éischt Fro: Wéi war et mam Contrôle vun deene ganzen Dateschutzproblemer virdrun, well et jo och do schonn en Dateschutzgesetz vun 2002 ginn ass? Well, wéi gesot, mir hu bis elo näischt Konkretes do fonnt.

Eng zweet Fro, déi awer, mengen ech, och fir d‘Justiz ganz wichteg ass, an ech weess och, datt den Här Wiwinius an och d‘Madamm Prussen sécherlech ganz sensibel dorobber sinn, dat ass dee ganze Volet vun der Présomption d‘innocence, notamment déi europäesch Direktiv. An ech erlabe mer, vläicht do aus dem Kapitel 2 den Artikel 3 virzeliesen, dee seet: « Les États membres veillent à ce que les suspects et les personnes poursuivies soient présumés innocents jusqu’à ce que leur culpabilité ait été légalement établie. » Déi Fro, déi mer eis scho gestallt hu beim Polizeiregëster, mä ech mengen och bei all deenen Traitement-de-donnéeën, déi dann och um Niveau vun der Justiz gemaach ginn, muss dat doten awer, besonnesch vun enger Justiz, eng absolutt Konditioun sinn.

An do stelle mir eis déi Fro, wéi et effektiv do ass mat Donnéeën, déi collectéiert ginn,

déi ni zu enger Condamnatioun féieren. Wéini ginn déi erausgeholl? Mir haten och gemengt ze verstoen aus eenzelnen Aussoen, datt do verschidden Donnéeë wahrscheinlech ni géifen total suppriméiert ginn. An do kann et dann awer effektiv zu Fäll kommen, wou herno Donnéeën utiliséiert ginn, déi, wéi gesot, iwwerhaapt keng ..., zu iwwerhaapt kenger Condamnation pénale gefouert hunn, wou also total d'Présomption d'innocence muss spillen, déi dann awer iergendwéi benotzt ginn.

An duerfir wäre mer frou, wann Der eis vläicht och genau sot, wéi Dir kuckt, datt och déi Konditioun vun der Présomption d'innocence bei all deenen Traitementer do och observéiert gëtt.

Eng drëtt Fro, an Dir hutt dat gesot - Dir versicht elo déi Legislatioun vun 2018 ëmzesetzen, an Dir hutt do gesot, datt bis elo nach keng Reklamatiounen do wieren. Woubäi een, mengen ech, awer och muss objektiv soen, an dat war och scho bei der CNPD, datt d'Bierger jo och am Moment net wëssen, wéi se sech iwwerhaapt sollen uleeën, wa se wëllen eng Informatioun kréien.

An do wollt ech just hei een Alinea aus dem Gesetz virliesen an Iech froen, wat do konkret geschitt ass. Do gëtt also hei am Artikel 41 gesot: « L'autorité du contrôle judiciaire facilite l'introduction des réclamations visées au paragraphe 1 par des mesures telles que la fourniture d'un formulaire de réclamation qui peut également être rempli par voix électronique sans que d'autres moyens de communication ne soient exclus. »

Besteet dee schonn an ass deen zum Beispill och um Site vun der Justiz anzegesinn, datt d'Bierger, déi da wëllen och reklaméieren, d'Méiglechkeeten hunn? An an deemselwechte Kontext wollt ech och déi Fro stellen. Dir sot, et ass net ëmmer kloer, wie kompetent ass. Ass et d'Autorité de contrôle oder ass et d'CNPD?

Dat ass natierlech och eng Fro, déi de Bierger sech stellt. U wie muss ech mech dann elo adresséieren? Adresséieren ech mech un d'Autorité de contrôle oder adresséieren ech mech un d'CNPD?

Do wollt ech dann och froen: Wéi informéiere mer do de Bierger, wien deen ass? Well

mir haten d‘lescht Kéier, wéi mer d‘CNPD hei héieren haten, och d‘Impressioun, datt déi gesot hunn: Jo, dofir si mir net zoustänneg, dat do ass nëmmen Autorité de contrôle. Ech hat e bëssen esou d‘Impressioun, hei wëllt jiddwereen deem aneren de Ball an d‘Lager zréckschéissen.

Da véiert a lescht Fro. Dat ass déi Interkonnexioun zwëschent deene verschiddenen ..., komm mir soen elo Banque-de-donnéeën. Déi Banque-de-donnéeën, déi um Niveau vun der Justiz fonctionnéieren. Ech huelen deen ominéise Ju-Cha, vun deem jo elo vill geschwat ginn ass, an dann awer och de Polizeifichier: Inwiefern gëtt et do eng Interkonnexioun, eng Interaktivitéit? An, wann et déi gëtt, wéi gëtt déi vun Iech kontrolléiert?

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci, Här Mosar. Här Wiwinius? Madamm Prussen?

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l‘autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Ech ginn der Madamm Prussen d‘Wuert. Ech wëll eng, zwou Bemierkunge maachen.

Ech hat eingangs gesot, mir wieren net hei fir Ried an Äntwert ze stoen. Bon, et gesäit elo e bësselchen duerno awer aus, wéi wann hei en Interrogatoire géif gemaach ginn. Bon. Et ass awer net, dass mer eis wëlle laanscht d‘Froen drécken, déi gestallt ginn.

Wat déi éischt Fro ubelaangt: Wat war virun 2018? D‘Madamm Prussen seet Iech dat nach eng Kéier. Mä ech hat de Verbatim gelies, deen Der virun zwou Woche hat. Ech hat d‘Gefill, d‘Madamm Solovieff hätt dat alles relativ kloer hei erkläert. Ech mengen, bon, Dir waart net op där Pressekonferenz derbäi, déi den Här Nies an d‘Madamm Solovieff gemaach hunn. Do hu se et och nach eng Kéier ganz kloer erkläert. Mä mir kënnen dat roueg ..., d‘Madamm Prussen kann Iech dat nach eng Kéier widderhuelen.

D‘Présomption d‘innocence ... Bon, ech mengen, mir fuere vläicht der Rei no.

Vläicht déi drëtt Fro, wat de Formulaire ubelaangt. Do hat ech awer gemengt, ech hätt dat elo éinescht gesot. Mir sinn amgaangen un engem Formulaire ze schaffen. An dee

Formulaire, do wäerte mer eis inspiréiere bei der CNPD. Et si jo zwou Autoritéiten, déi awer parallell schaffen. Ob mir elo solle Reklamatioune suscitéieren, andeem mer elo dorëmmer fege gi mat eisem Formulaire de réclamation, dat sief emol dohigestallt.

Bon, déi véiert Fro, d'Interkonnexioun vun de Banque-de-donnéeën, do hat ech d'Gefill - wéi wa souwuel d'Madamm Solovieff, mä, ech mengen, den Här Neuens huet Iech och hei laang a breet Rechenschaft ofginn, wéi dat fonctionnéiert bei der Police -, et wier op eng Rei Froe scho geäntwert ginn. Mä, d'Madamm Prussen, ech hat et eingangs gesot, huet d'Fachwësse vun deem Ganzen. Ech si vun 2018 u President vun deem Betrib. Virdrun huet d'Madamm Prussen eis ganz laang d'Protection des données gemaach. Ech wëll mer do elo net umoossen, wéi ech eingangs gesot hunn, ech moosse mer net un, Iech Deputéierten hei Äert Gesetz ze erklären. Da moossen ech mer och net un, hei elo iwwert d'Protection des données e groussen Exkurs ze maachen.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Madamm Prussen, ech géif … Wat bekannt ass an, ech mengen, de Powerpoint vun der Pressekonferenz läit jo och vir.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Jo. Also ech wollt net méi ze vill an deen Detail do goen. Ech renvoyéiere wierklech op dee Pressepoint, deen dee ganzen den Historique vun där Chaîne pénale illustréiert. Do waren effektiv Reglementer virgesinn, déi déi Datebank instauréiert hunn a wou déi och virgesi sinn. An, wéi gesot, mir sinn haut an der Situatioun eben, ënnert deem heite Gesetz, wou et ëm den Traitement des données personnelles geet.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Entschëllegt! Dat ass och net d'Fro gewiescht. Ech wëll dat *just klären.*

Meng Fro war eigentlech ganz präzis, vu datt elo eréischt 2018 eigentlech eng Autorité de contrôle duerch d'Gesetz instituéiert ginn ass mat ganz klore Missiounen. Mir wëssen, datt déi Datebanken do op verschiddene Gesetzer, Reglementer baséieren - dat ass alles an der Rei. Mä wien huet eigentlech do d'Fonctioun vun der Autorité de contrôle, dat wat elo d'Autorité de contrôle mécht? Wien huet eigentlech déi Roll

gespillt? Beim Polizeifichier ass et Artikel 17, deen dat geregelt huet. Mä hei mat deem Ganzen, ech hunn dat dräimol gekuckt. Bon, entweder hunn ech dann ..., muss ech méi e staarke Bräll hunn, mä ech hunn net kloer do erausfonnt, wéi a wien dee Contrôle do ausgeüübt huet.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Dee Contôle ass iwert de Parquet général gaangen.

***(Interruption)***

Do war keng Autoritéit virgesinn dat ass iwwert de Parquet général gelaf. Ech mengen, et war ee vun de Membere vum Parquet général, deen zoustänneg war fir opzepassen, dass den Dateschutz respektéiert géif ginn.

Ech war net genannt, fir do opzepassen. Ech war Member vun der Commission consultative vum Datenschutz an den Enn 90er Jore. An duerno sinn ech ëmmer gefrot ginn, fir mat ze conseilléieren, mä eng richteg independante Autorité, ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Daat hunn ech verstaanen.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* ... déi ass et effektiv net ginn.

Fir da kuerz drop ze äntweren: wat d’Présomption d‘innocence ubelangt. D‘Chaîne pénale Ju-Cha, déi gëtt alimentéiert vun deem, wat de Parquet kritt vun der Police. Dat heescht, all déi Saachen, déi solle poursuivéiert ginn. Déi Dossiere komme bei de Parquet an de Parquet, dee fiddert Banque de données, ebe Ju-Cha, wann een et esou ka soen a wat de Parquet dann huet ass d‘Basis vun enger eventueller Affär, déi gemaach gëtt.

Elo kann et awer sinn, dass de Parquet seet, dat do ass net ganz schlëmm. Da gëtt d‘Affär emol zréckgeluecht, prescriwéiere gelooss mä si gëtt awer gehalen. Si gëtt no zwee oder dräi Joer archivéiert. Mä wann dann déi Persoun erëmkënnt, da kann een

awer kucke goen, hat déi schonn eppes. Wann dat nach net prescrit ass, da kann een eventuell Poursuitten fir alles maachen.

Dat, wat an der Datebank ass, wann et bis archivéiert ass, ass just eng Indicatioun. Do hat deen eng Kéier eng Affär, déi ass zum Beispill ad acta geluecht ginn. An da muss een an d'Archive goen. D'Archiven hunn nees aner Regelen, notamment wat den Accès ubelangt, an da geet een déi Affär eventuell kucken, fir dann do weiderzekommen notamment an enger anerer Affär, zum Beispill fir, wann der Similituden hutt an esou sinn och scho Saache fonnt ginn, notamment iwwer ADN, vu Saachen, déi awer an deem Moment, wou se ugefaangen hunn poursuivéiert ze ginn nach net zu engem Enn komm sinn. An dofir ass deen Historique an dee gëtt dann archivéiert. An dat ass d'Ursaach, firwat dat valablement gehale gëtt.

E klengt Wuert och zu de Condamnatiounen nach déi ginn och gehalen an archivéiert, well d'Gesetz iwwert d'Revisioun gesäit vir, dass een zu all Moment kann eng Revisioun froen. Also kënnt der den Dossier net ewechgeheien. Well soss huet ee keng Méiglechkeet méi, fir eng Revisioun duerchzeféieren.

Da war nach elo ...

**Une voix**.- D'Interkonnexioun.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.*- Ah jo, Interkonnexioun. Also, souwäit ech weess ass et net esou, dass d'Parqueten an d'Police Datebank kucke ginn oder d'Police an de Ju-Cha erakënnt, mä dat, wat de Parquet vun der Police huet, dat ass dat wat se kréien, fir hir Poursuitten an Enquêten ze maachen.

Ech muss awer zouginn, dass ech ni um Parquet geschafft hun.Et ass awer net, dass de Parquet kucke geet: Oh, wat huet d'Police do? Déi hunn, souwäit ech weess, awer keen Accès op déi Banque de données, a vice versa och net. Donc, do ass keng Interkonnexioun.

D'Interkonnexioun, dei besteet doran wéi et nach ëmmer war, an elo gëtt et eben och

elektronesch gespäichert, dass wann d'Police en Dossier huet, e Procès-verbal, da geet deen eriwwer op de Parquet fir poursuitte oder e geet weider un de Juge d'instruction fir Enquête a Poursuite an da Jugement.

Merci.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Ech soen Iech Merci, Madamm Prussen. Den Här Roth.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Ech wëll, wuelbemierkt, keen dirängelen. Et ass véirel op an et sinn, ech hunn elo grad gekuckt, all Säll si voll. Um hallwer, dass mer, jiddwereen, och den Här Reding nach, d'Geleeënheet kritt, hir Fro ze stellen.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Merci, Här President. Ech huelen dann Nott vun där knapp bemoossener Zäit a soen de Justizautoritéite Merci fir hir Disponibilitéit.

Ech hunn och mat Satisfaktioun festgestallt, dass de President vun der Cour supérieure de justice gesot huet: „Et geet net duer, duerfir wiere mir net hei." Ech fannen, dat ass eng konstruktiv Approche fir ze kucken, wat dass ee ka verbesseren.

Ech hätt duerfir zwou konkret Froen. Déi eng, datt ech nach net richteg verstanen hunn: Et ass eis gesot ginn effektiv viru 14 Deeg, dass déi Procès-verballen, déi Rapporte vun der Police bei d'Justiz ginn an dass domat, wéi d'Madamm Prussen och präziséiert huet, déi Datebanke gefiddert ginn. Déi Fro, déi ech eigentlech wollt stellen, dat ass déi: Wann een eng Recherche an der Datebank vun der Justiz mécht, gëtt déi oder ass déi méiglech no dem Numm vun enger Persoun? Well d'Madamm Solovieff huet viru 14 Deeg gesot, ech hunn dat gëschter Owend nach eng Kéier nogelies: „Selbstverständlech kënne mir kucke wivill Affären, wat hat deen?" Wann ech dann awer - ech war net op där Pressekonferenz e Freideg, ech si jo och net Journalist -, da liesen ech awer am „Lëtzebuerger Wort": „Keine persönlichen Akten. Persönliche Akten zu einzelnen Personen gibt es nicht. Namentlich wird nur das eigentliche

Strafregister geführt.“

Dat ass also meng Fro hannendrun: Wann dat net sollt de Fall sinn, dass een no enger Persoun ka froen, jo, wéi kann déi Persoun dann d‘Recht op eng Journalisatioun froen? Well si huet jo d‘Recht, gemääss dem Dateschutzgesetz, esou wéi mir et gestëmmt hunn, dass ech froen, ween huet zu wat fir engem Zäitpunkt fir wat fir eng Motiver meng Date gekuckt. Also, duerfir wier do awer eng Kloerheet néideg.

An déi zweet Fro ass déi, ech hunn do och d‘Press gelies, an do steet an enger anerer grousser Lëtzebuerger Dageszeitung vun e Samschdeg: „Ju-Cha vergisst nie. Und definitiv gelöscht werden sie nie“. Bon.

Wann een dann elo kuckt, d‘Gesetz, dat mer gestëmmt hunn, dat gesäit awer an dem Artikel 15 vir: « droit de rectification ou d‘effacement des données à caractère personnel et limitation du traitement ». Dat ass also dee bekannten Droit à l‘oubli. An do seet den Artikel 15 (2) vun deem Gesetz, wat gestëmmt ginn ass: « Le responsable du traitement efface dans les meilleurs délais les données à caractère personnel de la personne concernée (…) ». Soudass ech mengen, dass awer och am Gesetz deen Droit à l‘oubli festgesat wier.

An dann hunn ech och dat belscht Gesetz gekuckt, wou dat ganz konkret geregelt ass.

Dat heescht, nach eng Kéier déi zwou Froen - éischtens: Wéi ass et mat de perséinlech bezunnenen Daten? Ginn et déi opgrond vun enger Persoun? Jo oder neen? An dann zweetens, dat ass d‘Fro vun dem Droit à l‘oubli, wéi dee konkret an der Datebank vum Ju-Cha fonctionnéiere soll.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci, Här Roth. Madamm Prussen.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Also, fir op déi éischt Fro ze äntweren, ech hunn net ganz richteg verstanen wat deen Zeitungsartikel ubelangt, deen Der zitéiert hutt. Et ass ganz kloer, dass op Ju-Cha nominativ Recherchë gemaach ginn, an all déi Recherchë ginn gelogged. Mir hunn

dofir eng LuxTrust-Kaart. A wann ech op de Ju-Cha ginn, oder op de Ju-Civ och, wann ech op eng Datebank ginn, da gëtt gelogged, dass d'Madamm Prussen dat an dat dann an dann consultéiert huet. An dat erméiglecht och, wéi Der sot, eng Kontroll ze maachen, wann een do abusivement Saache consultéiere geet.

Also, dat ass awer ganz kloer, et ass nominativ. Ech weess och net richteg wat soss d'Utilitéit dovun wir.

***(Interruption)***

Ech huelen un, dass déi Presentatioune vläicht fir verschidde Leit net honnertprozenteg kloer wor.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Also, et ass kloer ... Entschëllegt, nach eng Nofro. Et ass jo da kloer, dass wann Dir no enger bestëmmter Persoun eppes sicht, an Dir gitt där hiren Numm eraus, dass dann hannendru kënnt, mat wat déi bei Iech an den Akte vermierkt ass.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Jo.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Ob se Client ass oder net?

***(Interruption)***

Jo.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Jo.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Déi zweet Fro.

***(Interruptions)***

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Also, ech dierf guer net drugoen. Entschëllegt.

***(Hilarité)***

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Mir loossen en un!

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Wat elo den Droit à l'effacement ass, mengen ech, muss een eben deen Artikel och effektiv fäerdeg liesen a soen: Wann eng Reklamatioun kënnt an eng Donnée enregistréiert ginn ass, déi net der Finalitéit entsprécht oder déi zum Beispill rassistesch Aussoen huet, dat ass eben eng Violatioun vum Artikel 3, 7 oder 9 ass, an dee Moment gëtt se effacéiert. Mä do däerf een och nees net vergiessen, eppes wat opgeholl ginn ass, zum Beispill wann ee geklaut huet oder en huet een doutgemaach...

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat steet jo och am Casier dann...

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Jo, wann e condamnéiert ginn ass. Wann awer iwwerhaapt eppes geschitt ass, och dat bleift bestoen, wann et licite ass. Dat heescht, wann et esou opgeholl ginn ass à la finalité fir eng Poursuite ze maachen. Oder mengt Der, et missten awer Saachen effacéiert sinn no esou vill Zäit?

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Jo, also, meng Fro war eigentlech déi, dass, wann eng Affär, loosse mer soe prescriwéiert ass, wann en Non-lieu war, ob dat nach dra stoe bleift oder net. Dat misst jo dann automatesch geläscht awer ginn. Well dann ass ... Wann en Non-lieu ass, da war jo kee Problem do!

**Plusieurs voix**.- Oder en Acquittement.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Oder en Acquittement.

**Une voix**.- Jo.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Jo, do mengen ech effektiv déi bleiwen, déi sinn sous toutes Réserves, an den Archiven. An dat ass effektiv eng vun de Saachen, wou mer elo am Registre och kucken, dass mer do aner Regele maachen an notamment bei engem Non-lieu oder Acquittement ka gesot ginn, déi do kënne geläscht ginn.

**M. Gilles Roth** *(CSV).-* Dat kléngt, wéi den Här Mosar seet … Entschëllegt, well dem Här Mosar seng Fro vun der Présomption d‘innocence ass. Wann en Non-lieu ass, dann huet et jo kee Sënn méi, dass se nach ..., oder, mengen ech, dass d‘Présomption d‘innocence esou auszeleeën ass ...

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Effektiv dat ass och e Sujet vun dem Registre déi mer maachen, an de Konsequenzen, déi mer do nach doraus wëllen zéien.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l‘autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* D‘Notioun ...

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Jo.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l‘autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Ech soe just ee Wuert. D‘Notioun vun der Présomption d‘innocence, déi gëtt jo awer haaptsächlech gebraucht am Kader vun enger Affär, déi amgaangen ass. Présumé innocent ass een am Kader vun enger Poursuite, esou laang bis een net definitiv condamnéiert ass.

***(Interruption)***

Dat ass awer, mengen ech, elo eng aner Hypothees wéi Non-lieu; dann ass et eriwwer. Da schwätzt een, mengen ech, net méi vu Présomption d‘innocence. Présomption

d‘innocence ass wärenddeem. Esou laang wéi eng Poursuite amgaangen ass, ass et ..., évidemment ass een am Dossier. Ech wëll just d‘Notioune kloerstellen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Nee, mir sinn eis do eens, Här ... D‘Fro ass awer déi: Wann, an ech wollt do nach eng Kéier vläicht nohaken, dat huet elo effektiv vläicht méi mam Polizeifichier ze dinn, well ech jo och elo net weess, ...

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Kommt, mer bleiwen hei derbäi.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Mä datt do effektiv nach Faiten drastinn, an déi ginn do iwwer 20, 30 Joer matgefouert, wou et zu engem Acquittement oder zu engem Non-lieu komm ass. An dat stellt awer d‘Fro vun enger Pre... Do gëtt et also Bierger, déi stinn nach do dran, wéi wa se nach an enger Prozedur dra wären, wat awer scho säit 15 Joer net méi de Fall ass. An dat, mengen ech, huet dann awer och eppes mat der Regel vun der Présomption d‘innocence ze dinn. Déi stinn also do nach als hallef schëlleg dran.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Im weitesten Sinne. Jo.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Ech huelen zur Kenntnis, et ass och dat, wat d'Madamm Prussen gesot huet: Dir schafft un där Fro. Däitlech. Dir hutt eis jo als Commission jointe hei och wärend deene leschte Woche wierklech beschäftegt. Mer mussen do gemeinsam - wéi soll ech soen? - den Austausch fleegen, wat sënnvoll, wat nëtzlech ass a wat am Respekt vum Privatmënsch ass.

Eng kuerz Interventioun.

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Jo. Merci, Här President.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Ass den Här Reding d‘accord?

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Zu deem dote Punkt.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Nee.

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Ech weess net. Huet vläicht ... Well et direkt do derbäi ass: Heescht dat eigentlech awer do, datt d'Donnéeën an deem präzise Fall ... Ech mengen, mir si jo net an engem loftleere Raum. An deem präzise Fall, wat sinn eigentlech d'Donnéeën, déi nom Dateschutzgesetz net méi hätten dierfen existéieren a soumat dann och net méi hätten dierfe benotzt ginn? Sief dat, datt se fir en Astellungsgespréich benotzt gi sinn.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Här Reding.

**M. Roy Reding** *(ADR).-* Villmools Merci, Här President. Ech hunn u sech eng ganz konkret Fro. Wat d'Ju-Cha ass, wësse mir jo elo. Mir wëssen, datt do Saachen dra sinn, déi vun der Police kommen - Rapporten, Pven -, och vu Saachen, déi nimools poursuivéiert ginn, och vu Saachen, déi nimools zu enger Condamnatioun féieren, an och alt vu Saachen, wéi de Maître Vogel gesot huet, wou Rehabilitatioune geschwat gi sinn. Dat ass all Constat, ech mengen, dat wësse mer elo. Dat ass a mengen Aen e ganz groussen Dysfonctionnement.

Déi ganz konkret Fro ass éischter un den Här Wiwinius: De Magistrat, dee sëtzt, sief et eleng oder kollegial, an enger Affaire pénale. Deen huet jo, an ... Huet deen a sengem Dossier dee Ju-Cha? Ech wëll och gleewen, datt deen entre-temps un d'Affekote virugeet, wann den Dossier pénal communiquéiert gëtt.

Huet deen also déi Elementer, Procès-verballen, Rapporten, déi nimools poursuivéiert gi sinn, déi nimools zu enger Condamnatioun gefouert hu respektiv an deenen et eng Rehabilitatioun gouf? A sidd Der net der Meenung, datt egal wat fir ee Mënsch, egal wéi onofhängeg en och ass, sech necessairement a senger Appreciatioun vun enger Persoun dovunner beaflosse léisst, datt also déi Utilisatioun vun deenen doten Donnéeë fir de Bierger ganz konkret Suitten huet?

A meng allerlescht Fro: Mir wësse jo elo, datt den Här Nies dat doten deem Kandidat, dem Här Fürst virgeluecht huet. Mir kënne roueg den Numm soen, well en ass jo an der Press. Sidd Dir der Meenung, datt den Här Nies d‘Autorisatioun hat, dee Ju-Cha anzegesi fir en Astellungsgespréich? Dat ass eigentlech alles.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci, Här Reding.

Här Wiwinius!

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Muss ech awer Ried an Äntwert stoen? Bon. Meng éischt ... Ech mengen, ech hat ... Déi wichteg Fro, Här Reding, dat ass: Hutt Dir, ob kollegial oder eenzel, esou eppes am Dossier? Do sot ech elo grad, wéi ech de Bréif un de Maître Vogel beschriwwen hunn: „Neen.“ Siwe Joer laang war ech an der Chambre pénale, criminelle, correctionnelle. Neen, mir haten ni esou eppes. Et huet emol vläicht eng Kéier e Prevenu, ech hunn awer elo kee Souvenir dovun, eis gesot: Majo, ech hat jo schonn iergendeng Kéier eppes. Dat war keng ganz schlau vun em. Mä domadder hu mer awer dee Moment näischt ugefaangen, well mir wosste jo net genau wat. Neen. Mir hunn näischt esou.

Mir hunn am Dossier d’Procès-verballen, bien entendu, déi zu där Strofdot geféiert goufen, wéinst där de Beschëllegten dann do virun eisem Geriicht ass. Mir hunn näischt esou. An ech hätt och, wann ech eng Kéier domat konfrontéiert gewiescht wier als Riichter, dass de Parquet - wat ech mer och net ka virstellen, mä loosse mer eng Hypothèse d‘école maachen - versicht hätt, mer esou eppes ënnerzejubelen, also ech hätt, bien entendu, déi Pièce erausgehäit. An ech weess och net, wat ech awer dee Moment gemaach hätt Point de vue disciplinaire. Vläicht fir dat ganz, ganz kloer ze soen.

D'Äntwert op déi zweet Fro eriwwregt sech, mengen ech, wann ech Iech soen: „Nee, mir hunn näischt esou.“ An ech äntweren Iech elo net zu der Affär vun dem Här Fürst. Ech hunn elo grad gesot: Mir kréie vläicht als Autorité de contrôle eppes domadder ze

dinn. Et ass en Affekot chargéiert mat där Geschicht. Ech hunn Iech och eingangs gesot: „Ech war derbäi bei deem Gespréich. Ech hu kee Souvenir vun där Geschicht“. Evidemment huet den Här Nies dat gemaach. Evidemment ass den Här Fürst domadder konfrontéiert ginn. Si hunn et jo allen zwee gesot. Mä ech hu kee Souvenir dovun. An als Autorité de contrôle gi mer vläicht domadder befaasst, vläicht och net. Ech kann awer elo net hei där Saach do virgräifen.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Merci, Här Wiwinius. Ech kucken an d‘Ronn. Den Här Fayot? Hutt Dir eng Fro?

**M. Franz Fayot** *(LSAP).-* Jo, just ganz kuerz. Ech géif gären zréckkommen op déi Fro, déi den Alex Bodry jo och am Ufank ugeschnidden huet, mat där mir hei befaasst sinn, dat ass d‘Fro vum Cadrage législatif vun där ganzer Matière vum Traitement des données personnelles. Dir hutt gesot, Här Wiwinius: „Et geet net duer, soss wiere mer net hei.“ Mä vläicht geet et duer. Vläicht ass et eng Verständnisfro, mengen ech. D‘Perceptioun vum Public: Wat geschitt mat deenen Daten? Wéi gi se traitéiert? A wéi gi se gebraucht?

D‘CNPD huet eis gesot, wéi mer eis Entrevue haten, dass et an hirer Approche och ëmmer eng Fro ass vun Encadrement au regard vun de Mënscherechter. Dat heescht, si kucken et haaptsächlech vum Point de vue vun der Protection de la vie privée, ob do d‘Traitementer konform sinn. A si maachen de Rapport elo am Hierscht, wou se sech da prononcéieren, ob hirer Meenung no d‘Gesetzer mussen nogebessert ginn.

Wann ech Iech nolauschteren, da sot Dir, wann d‘Traitementer zweckméisseg sinn a wa se konform sinn zu de Regele vum Code de procédure pénale an eben zu allem, wat muss gemaach ginn an der Justiz an an der Rechtssprechung, da sinn en fait déi Traitementer konform an da gëtt de Kader vum RGPD an och vun der Direktiv fir d‘Protection des données en matière pénale u sech all déi néideg Garde-fouen an all déi néideg Rechter och vun de Justiciabele par rapport zu deem Traitement vun hiren Donnéeën.

Dat heescht, et schéngt mer, dass mer hei e bëssen an zwou verschiddenen Approchë sinn. Engersäits, dass mer soen: „Den europäesche Kader gëtt u sech déi néideg

Garantien. A wann déi Date richteg behandelt ginn, da misst dat am Fong okay sinn.“ Dat heescht, et schéngt mer och vill eng Saach ze si vu Mise en œuvre bei all eenzelner Administratioun. A bei der Justiz ass dat dann och net anescht. A wann dat ginn ass, da gëtt et net necessairement e Besoin, fir nozebesseren.

Dat Ganzt ass jo declenchéiert ... Déi ganz Affär ass jo declenchéiert ginn duerch eng Fro vun Zweckméissegkeet. Dat heescht, den Traitement ass apparemment net zweckméisseg par rapport zu der Kollekt vun deenen Daten.

Dat heescht, den ... Voilà, aus Ärer Meenung. Ech weess net, ob Der elo eng Äntwert hutt do drop, mä et schéngt mer, dass et do esou eng Tensioun gëtt an den Approchen. Engersäits déi Approche, déi de CNPD schéngt virzeginn. An déi, déi Dir elo hei beschreift, oder deen Exercice, deen Der och nach amgaange sidd, ze maachen, fir ze kucken, ob Der déi néideg Regelen hutt oder déi néideg Garde-foue bei Iech intern.

**M. Jean-Claude Wiwinius,** *Président de l'autorité de contrôle de la protection des données judiciaires.-* Also eng Tensioun hutt Dir elo festgestallt. Eng Tensioun gëtt et en fait net. Mir haten d'Geleeënheet nach net, fir mateneen ze streiden, mat der CNPD.

Wann ech och eingangs gesot hunn, et gëtt Ursaach, fir nozebesseren, hat ech éischter gemengt, Dir wiert alleguerten och där Meenung. De Fait, dass mir hei sinn, fir mussen doriwwer ze schwätzen, ass elo en Zeechen, dass awer vläicht net alles honnertprozenteg kloer ass. Soss hätte mer elo hei dee groussen Opwand - kee risegen, fir eis e klengen Opwand, well mer nëmmen zu zwee sinn - net gebraucht. Ech kann Iech awer elo net konkret soen - dofir ass déi ganz Geschicht nach e bëssen ze frësch an ze nei -, wou misst nogebessert ginn.

Ech maache just eng kleng, lescht Bemierkung. Dir hat, wéi Der d‘Gesetz gestëmmt hutt, och eng Disposition transitoire dragesat, fir verschidde Problemer ze léise bis 2023. Wann extra Problemer sinn, bis 2026. Also verlaangt elo vläicht net, dass mer bei der éischter Affär, déi op eemol sur la place publique kënnt, da vun haut op muer d‘Problemer alleguerte geléist hunn. Vläicht stelle sech elo Problemer, déi mer eréischt an der Praxis gesinn. Dir hätt jo vläicht gären, dass mer direkt e Formulaire de

réclamation ausschaffen, fir dass d'Leit eis elo mat Reklamatioune bombardéieren, wou ech natierlech drun zweifelen. Bon. C'est à voir.

Ech wëll net soen: Mir kommen d'nächst Joer erëm a mir poteren nach eng Kéier mateneen. Ech hat schlussendlech awer d'Gefill, et wier elo net nëmme Gepoters, mä et wier awer e bësselchen esou e Questionnement. Ech hoffen, dass mer eis alleguerten Zefriddenheet ginn hunn. Mä den Här Margue wëllt d'Sëtzung ophiewen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Neen.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Neen, ech, ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Neen, nach eng Fro, ganz kuerz, Här President. Et war nach eppes, wat ech vergiess hunn, wat net onwichteg ass. Wann Der erlaabt, eng Minutt!

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Wann et net ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Neen, et ass awer eng wichteg Fro. Well hei gesot ginn ass vun der Madamm Prussen virdrun, do wäre 50, 60 Daten ...

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* ... Traitementer ...

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Jo, da loosst mech vläicht d'Fro stellen, da kënnt Der äntweren.

Well ech hunn op eng Question parlementaire geäntwert kritt, datt a sech d'Justiz just zwou Datebanken hätt, an dovunner wär eng déi ominéis Datebank goAML. Dat ass déi vun der Cellule de renseignement financier. A meng Fro, ganz konkret: Ass dat da richteg, wat hei drasteet? An zweetens: De Contrôle vun där doter Datebank, gëtt deen och vun Iech assuréiert?

An dann zum Schluss wollt ech awer am Numm vun eiser Fraktioun soen, datt mir begréissen, mat wat fir enger Éierlechkeet, Transparenz déi zwee Vertrieder dat hei ugaange sinn. Mir soe Merci, well - mir si ganz éierlech - mir soen, dat do war déi Kommissiounssitzung, wou mer wierklech déi nëtzlechst Informatioune kritt hunn. E ganz, ganz grousse Merci un Iech!

**M. Eugène Berger** *(DP).-* Ech hat nach eng Fro nach, wann d'Madamm Prussen ...

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Et war eng Fro - jo, Madamm Prussen -, jo, jo.

**M. Eugène Berger** *(DP).*... ganz transparent ...

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* Ganz kuerz nach eng Kéier: Wann ech vu 60 geschwat hunn, da sinn dat ongeféier 60 Traitementer vun Donnée-personnellen, déi mer elo nach a Kategorië classéiren, déi viséiert sinn. Datebanken, wéi ech et scho virdru gesot hunn, sinn der awer, mengen ech, méi wéi zwou effektiv, et ass och eng Zivillsdatebank zum Beispill an eng vun der Justice de paix. Ech sinn net mat deenen konfrontéiert ginn. Et ass natierlech och net der Cour-supérieure-de-Justice-Kompetenz, dofir wëll ech mech net honnertprozenteg festleeën dorobber.

Mä soubal Enquêtë a Poursuites och financières viseiert sinn, wann dat mam Penal ze dinn huet, ënnerläit den traitement vun den Donnée- personnellen natierlech der Autorité de contrôle judiciaire.

A fir ganz kuerz nach op dem Här Fayot seng Fro ze äntwerten: Also ech gesinn zwar och keng Tensioun do. Wa mir eng Analys maachen ...

**M. Franz Fayot** *(LSAP).-* ... d'Approche.

**Mme Lotty Prussen,** *Data Protection Officer (DPO) de la Cour supérieure de Justice.-* ... oder d'Approche mer kucke ob déi Legislatioun okay ass oder net. Ech si just der

Meenung och, dass, souguer wann eppes geschitt, muss een net ëmmer direkt d‘Gesetzer änneren.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Okay, Merci. Voilà, ech gesinn och ..., ech hunn d'Madamm Prussen héieren. Wann Dir Iwwerleeungen hutt, déi e Sënn maachen am Kader vun der Evaluatioun vum Gesetz, loosst eis se vläicht zoukommen!

Bleift wannechgelift ee Moment heibannen! Sidd Der d‘accord, dass mer de Verbatim vun der leschter Sitzung unhuelen? Ass dat esou aktéiert?

***(Assentiment)***

Da gi mer dee fräi.

Ech soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech. An eise Gäscht villmools Merci fir d‘Kommen! An op eng gutt Zesummenaarbecht déi nächst Zäit! Merci.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Här President, just nach, well elo déi zwou Kommissiounen hei zesumme sinn: Mir haten nach ëmmer déi Demande Artikel 17, et wär elo gutt, well mer elo voll an der Matière dra sinn, wa mer den nächste Mëttwoch och nach den Här Wivenes kéinten héieren a senger Qualitéit als President vun där Autorité de contrôle.

**M. Charles Margue** *(déi gréng), Président de la Commission de la Justice.-* Ech huelen dat zur Kenntnis a kucken, wat mer doranner kënne maachen.

**M. Laurent Mosar** *(CSV).-* Merci.